N°8205
Entrée le 03.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.08.2023

Lëtzebuerg, den 3. August 2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Et ass eis zu Oueren komm, dass verschidde Jeeër der Meenung sinn, dass d'Vitesse op de Stroosse wärend den Dréckjuegden soll kënne verflichtend reduzéiert ginn. Et kann jo mol virkommen, dass Wëld wärend der Dréckjuegd z.B. op eng ëffentlech Strooss oder eng Autobunn flücht. D'Zil wier ze verhënneren, dass Automobilisten oder Kläpper duerch schwéier, oder souguer déidlech, Accidenter zu Schued kommen.

An deem Kontext wollte mer den Här Mobilitéitsminister Folgendes froen:

- *Gëtt et eng Statistik iwwer Accidenter, déi am virgenannten Zesummenhang stattfonnt hunn?*
- *Bestinn momentan Pläng fir eng Vitessereduktioun op de Stroosse bei enger Dréckjuegd anzeféieren?"*

Mat déiwem Respekt,

Guy Arendt
Deputéierten

Gusty Graas
Deputéierten